LEADER

# Lëtzebuerg West

Regionalmagasinn - Magazine régional n°25



DÄLLCHEN WEST TOUR



# LEADER Projeten 2015-2022: Réckbléck

# Projets LEADER 2015-2022: rétrospective

FRÉIJOER 2022 SUMMER


**Regionalmagasinn n°25**
**Magazine régional n°25**

Garnich
Habscht (partie Septfontaines)
Helperknapp
Koerich
Mamer
Mersch
Steinfort

**LEADER**
**Lëtzebuerg West**
www.letzebuergwest.lu

---

# Regioun LEADER Lëtzebuerg West 2015-2022



**Regionalmagasinn n°25**
**Magazine régional n°25**



Photo: L. Jacquemart

# Inhaltsverzeechnes
## Table des matières

Editorial 2-3

LEADER Lëtzebuerg West 2015-2022 4-5
Entwécklungsstrategie & Handlungsfelder
Stratégie de développement & champs d'actions

D'Jugend schwätzt mat zu Stengefort 6-9
Les jeunes ont leur mot à dire à Steinfort

Fro de Bauer 10-13
D'Schoulkanner fir d'Liewensmëttelproduktioun an d'Aarbecht vum Bauer sensibiliséieren
Sensibiliser les élèves à la production alimentaire et au travail des agriculteurs

*HistoSchool*: Lokalgeschicht aktiv erliewen! 14-19
*HistoSchool*: vivre activement l'histoire locale!

Eng grouss Entwécklung fir de Vëlo am Weste vum Land 20-23
Un développement majeur pour le vélo dans l'ouest du pays

*Guttland.Trails*: Déi schéinste Wanderweeër an der Regioun 24-27
*Guttland.Trails*: Les plus beaux sentiers de randonnée de la région

Dëst an dat / En bref 28-29

Like
facebook.com/leaderletzebuergwest.lu

@leaderlw

**Impressum**

**Editeur:**
LEADER Lëtzebuerg West
1, rue de l'Eglise
L-7481 Tuntange
T : +352 26 61 06 80
E : lw@leader.lu
W : www.letzebuergwest.lu

**Redaktioun:**
ORT Centre/Ouest, Brain & More, LEADER Büro

**Fotoen:**
Tristan Schmurr, ORT Centre/Ouest, Henri Krier, LEADER Büro, 4motion, Gemeng Steinfort, Jugendhaus Steinfort, LEADER Regioun Mëllerdall, Laurent Jacquemart

**Bild:**
Patty Thielen

**Layout:**
Rose de Claire, design.

**Drock:**
Imprimerie Centrale

**Oplo:**
20.530 Stéck

**Datum:**
Mee 2022




Nodeems d'Enn vun der LEADER Period 2015-2022 ëmmer méi no kënnt, presentéieren mir och an dëser Ausgab vum Regionalmagasinn weider Projeten déi an dëser Zäit ëmgesat goufen.

D'Presentatioun vun de Projete mécht sech no eise véier Themefelder (WunnRegioun, NaturRegioun, KulturRegioun an TourismusRegioun) an erméiglech eis sou, iech ze weise wat an deene leschte Joren an der Regioun LEADER Lëtzebuerg West op Been gestalt gouf.

Déi enk Zesummenaarbecht wärend ville Jore mat eise Partnergemengen an hire Veräiner an Associatiounen hunn hir Friichte gedroen.

Dofir geet d'LEADER Aventure och weider an eng nächst Phas. All eis Partner hunn sech engagéiert fir an der nächster LEADER Period nees zesummen ze schaffen. Och nei Partner hunn sech entscheet fir bei der LEADER Initiativ mat ze maachen.

**Nodeems mir vill Projetsiddien eragereecht kruten fir d'LEADER Period 2023-2029, goufen zousätzlech thematesch Workshopen mat den lokalen Acteuren organiséiert. D'Iddien konnten konkretiséiert ginn, fir och kënnen ab 2023 realiséiert ze ginn. Mir komme spéider dorop zerék.**

Mir wënschen iech eng schéi Lektür.



Christiane Eicher
Presidentin
LEADER Lëtzebuerg West

Alors que la fin de la période LEADER 2015-2022 se rapproche de plus en plus, nous vous présentons dans ce numéro du magazine régional des projets qui ont été réalisés au cours de cette période.

La présentation des projets s'articule autour de nos quatre champs d'actions (région résidentielle, région naturelle, région culturelle et région touristique) et nous permet ainsi de vous montrer ce qui a été mis en place ces dernières années dans la région LEADER Luxembourg Ouest.

La collaboration étroite avec nos communes partenaires et leurs associations/institutions, qui perdure depuis de nombreuses années, a porté ses fruits.

C'est pourquoi l'aventure LEADER entre dans une nouvelle phase. Tous nos partenaires s'engagent à retravailler ensemble lors de la prochaine période LEADER. De nouveaux partenaires ont également décidé de rejoindre l'initiative LEADER.

**Après avoir collectionné de nombreuses idées de projets pour la période LEADER 2023-2029, des ateliers thématiques supplémentaires ont été organisés avec les acteurs locaux. Les idées ont été concrétisées afin qu'elles puissent être réalisées à partir de 2023. Nous y reviendrons plus tard.**

Nous vous souhaitons une agréable lecture.



Photo: L. Jacquemart

# LEADER Lëtzebuerg West 2015-2022

## Entwécklungsstrategie & Handlungsfelder

De LEADER Grupp Lëtzebuerg West huet fir d'Period 2015-2022 véier Handlungsfelder festgehalen an deenen si hir Regioun probéiert hunn weider ze entwéckelen.

Dës Handlungsfelder, stinn ënnert dem Titel **Zesummen an eiser Regioun** a regroupéiere folgend Themen:

- **WunnRegioun:** Sozialen Zesummenhalt & Liewensqualitéit, Kommunikatioun, Bildung
- **NaturRegioun:** Landwirtschaft & regional Produkter, Waasser, Bësch & Natur, Energie, Bildung
- **KulturRegioun:** Regiounsgeschicht(en), Kultur, Bildung
- **TourismusRegioun:** Tourismus, Fräizäit, Bildung

Wärend deene siwe leschte Jore si vill flott Projeten an dësen Themefelder ëmgesat ginn. Hei eng **Iwwersicht vun all de Projeten:**

## Stratégie de développement & champs d'actions

Pour la période 2015-2022, le groupe LEADER Lëtzebuerg West a identifié quatre champs d'action dans lesquels il a essayé de développer davantage la région. Ces champs d'action sont intitulés **Ensemble dans notre région** et regroupent les thématiques suivantes:

- **Région d'habitation:** cohésion sociale & qualité de vie, communication, éducation
- **Région naturelle:** agriculture & produits du terroir, eau, forêt & nature, énergie, éducation
- **Région culturelle:** histoire(s) régionale(s), culture, éducation
- **Région touristique:** tourisme, loisirs, éducation

Au cours des sept dernières années, de nombreux projets ont été mis en œuvre dans ces domaines. Voici un **aperçu de tous les projets:**



Photo: Tristan Schmurr

# Zesummen an eiser Regioun
# Ensemble dans notre région

| **Projets** | **WunnRegioun** *Région d'habitation* | **NaturRegioun** *Région naturelle* | **KulturRegioun** *Région culturelle* | **TourismusRegioun** *Région touristique* |
|---|---|---|---|---|
| **Régionaux** | **Biergerbedeelegungsprojets (7)**<br>RIKO 1 & 2 | KlimBera<br>KlimBera – volet communication | **HistoSchool**<br>Geschichte vum Duerf 1 & 2<br>Mysteriespill<br>Wuesstum<br>Entdeck de Westen | **WesTrails**<br>**Vëlo Westen 2**<br>**SlowMobility**<br>CulTrips/SlowTrips |
| **Interrégionaux** | Projektpanorama<br>LEADER Kommunikationsstrategie | **Fro de Bauer** | ARNU – Archives régionales numériques<br>INDIKA – Interaktiv, digital Kaart | **Kurze Qualitätswanderwege**<br>**Slowmobility**<br>Landtourismus |
| **Préparation à la coopération transnationale** | | Innovation dans l'agriculture<br>Echange multisectoriel | | CultTrips/Slowtrips |
| **Transnationaux** | | Innovation in agriculture | D'une villa à l'autre au pays des Trévires | CultTrips/Slowtrips<br>ARGO – Augmented reality |

Dëst an déi nächst Ausgabe presentéieren iech dës Projete mat hiren Ëmsetzungen.

Ce numéro et les suivants vous présenteront ces projets avec leurs actions réalisées.

*** déi fett markéiert Projeten ginn an dëser Ausgab virgestallt**
**les projets marqués en gras, sont présentés dans cette édition**





Photos: commune de Steinfort

# D'Jugend schwätzt mat zu Stengefort

Am Kader vu senger Zesummenaarbecht mat LEADER Lëtzebuerg West huet d'Gemeng Stengefort e Bierger-bedeelegungsprojet duerchgefouert, bei deem et drëm goung, fir d'Jugend mat an d'Entscheedungen anzebannen, déi an der Gemeng getraff ginn an si och betreffen. De Projet gouf integral aus LEADER-Fonge finanzéiert an zesumme mat der Associatioun *4Motion* realiséiert, déi op sozial Projete spezialiséiert ass.

De Stengeforter Buergermeeschter Sammy Wagner ass der Meenung, dass d'Bedeelegung vun de Bierger generell gestäerkt muss ginn: „Dee Projet hei huet lo speziell déi Jonk viséiert, mee mir wëllen als Gemeng och ganz allgemeng de Bierger froen, wat seng reell Besoine sinn, fir eis Politik dorop auszeriichten. Déi Jonk si natierlech eng immens wichteg Grupp vun der Bevëlkerung, an do stellen sech fir de Gemengerot ëmmer rëm Froen. Wéi mer dunn d'Méiglechkeet kruten, sou e Projet ze realiséieren an en iwwer LEADER finanzéiert ze kréien, hu mer dat gemaach. De Projet huet eis eng ganz Rei Piste geliwwert, ob deene mer lo kontinuéierlech weiderschaffen, zesumme mat deene Jonken, déi bei deem Prozess och gewisen hunn, dass se ganz motivéiert sinn. Mir wëllen dee Modell awer an Zukunft méi systematesch asetzen, an hu parallel en Aktiounsplang, wou et em Themeberäicher wéi den 3. Alter, Chancëgläichheet an Integratioun geet".

# Les jeunes ont leur mot à dire à Steinfort

Dans le cadre de sa collaboration avec LEADER Lëtzebuerg West, la commune de Steinfort a mené un projet de participation citoyenne qui avait notamment pour mission d'impliquer les jeunes dans les décisions prises au sein de la commune et les concernant. Le projet a été intégralement financé par le fonds LEADER et mis en œuvre avec l'association *4Motion*, spécialisée dans les projets sociaux.

Le bourgmestre de Steinfort, Sammy Wagner, est convaincu que la participation citoyenne doit être renforcée de façon générale: «Ce projet vise en particulier les jeunes mais, en tant que commune, nous souhaitons aussi interroger globalement les citoyens à propos de leurs besoins réels pour ajuster notre politique en conséquence. Les jeunes représentent bien entendu un groupe extrêmement important de la population et le Conseil communal se pose régulièrement des questions à ce sujet. Lorsque l'opportunité de réaliser un tel projet en bénéficiant d'un financement LEADER s'est présentée, nous l'avons saisie. Le projet a permis de dégager toute une série de pistes sur lesquelles nous poursuivons à travailler de façon continue avec les jeunes, qui ont témoigné de leur motivation au cours du processus. À l'avenir, nous souhaitons cependant appliquer ce modèle de manière plus systématique. Déjà, nous avons développé en parallèle un plan d'action qui porte entre autres sur le troisième âge, l'égalité des chances et l'intégration.»

COMMUNE DE STEINFORT






De Projet *Jugendbedeelegung* ass an e puer Etappen tëschent Mee 2021 an Oktober 2021 ëmgesat ginn. De Startschoss ass mat engem Workshop um 8. Mee gefall. Wärend dem Workshop gouf de Projet presentéiert an nieft Vertrieder vu Gemeng, Jugendkommissioun a Jugendhaus war och d'Sozialpedagogin Lynn Hautus vun *4Motion* an e Grupp vu Jonken aus dem Jugendhaus present. Et gouf esou ausgeschafft, wat déi Jonk mat hirer Gemeng verbënnt, wat se gutt an der Gemeng fannen, awer och, wat hinne manner gutt gefält. Et gouf och driwwer diskutéiert, wéi de Projet soll kommunizéiert an ëmgesat ginn.

Bei engem zweeten Treffen de 5. Juni 2021 huet sech dunn e méi klenge Grupp vu Jonke getraff, fir de Projet méi konkret auszeschaffen, Haaptthemen ze diskutéieren an d'Ëmfro virzebereeden, déi am Kader vum Projet geplangt war. De Christophe Schumacher, deen als Educateur fir d'Jugendhaus zoustänneg ass, mengt, dass déi Approche vun deene Jonke positiv ukomm wier: „Et war sécher eng Demande do, fir sou e Projet, deen et de Jonken erméiglecht huet, fir um Gemengenniveau iwwerhaapt mol gehéiert ze ginn. Mir hunn mat *4Motion* eng Rei Ateliere gemaach, wou déi Jonk zur Sprooch komm sinn. Déi Jonk konnten hir Wënsch fir d'Gemeng äusseren, a soen, wat hinnen feelt, awer och wat se schätzen".

> **“ […] *Déi Jonk konnten hir Wënsch fir d'Gemeng äusseren, a soen, wat hinnen feelt, awer och wat se schätzen***
>
> **[…] *Les jeunes ont pu formuler des souhaits concernant la commune et indiquer ce qui leur manque ainsi que ce qu'ils apprécient* ”**

Le projet *Participation des jeunes* a été mis en œuvre en plusieurs étapes entre mai 2021 et octobre 2021. Un atelier mené le 8 mai a donné le coup d'envoi. Au cours de cet atelier, le projet a été présenté et, outre les représentants de la commune, de la commission de la jeunesse et de la Maison des Jeunes, la pédagogue sociale Lynn Hautus de *4Motion* et un groupe de jeunes de la Maison des Jeunes y ont assisté. Les liens des jeunes avec leur commune, les aspects qui leur plaisent et ceux qu'ils apprécient moins ont été mis en évidence. La manière de communiquer sur le projet et la façon de le mettre en œuvre ont également été discutées.

Lors d'une deuxième rencontre en date du 5 juin 2021, un groupe plus restreint de jeunes s'est réuni pour définir le projet de manière plus concrète, discuter des principales thématiques et préparer l'enquête prévue dans le cadre du projet. Christophe Schumacher, éducateur responsable de la Maison des Jeunes, estime que l'approche de ces jeunes a eu des échos positifs: «Il ne fait aucun doute qu'il existait une demande pour un tel projet et que celui-ci a permis aux jeunes d'être entendus au niveau communal. Nous avons réalisé une série d'ateliers avec *4Motion* au cours desquels les jeunes ont pu s'exprimer. Les jeunes ont pu formuler des souhaits concernant la commune et indiquer ce qui leur manque ainsi que ce qu'ils apprécient»



Doropshi wieren déi sechs Kategorien Zesummeliewen, Nuetsliewen, Mobilitéit, Treffpunkt, Sport a Kultur definéiert, déi als Basis fir d'Ëmfro geholl goufen. Déi Theme goufen dunn souwuel *online* iwwert en eegene Site, wéi och *offline* a Form vu grousse Pancarten, déi op verschiddene Plazen an der Gemeng opgehaange goufen, den Awunner presentéiert, fir hire Feedback ze ginn an hir Iddien ze äusseren. D'Äntwerte sinn dunn vun *4Motion* evaluéiert ginn, an de Rapport ass den 23. Oktober 2021 wärend engem Jugendforum zesumme mat de Gemengevertrieder diskutéiert ginn. Op Basis vun deem Debat gouf dunn e finale Rapport gemaach, deen der Jugendkommissioun an dem Schäfferot ënnerbreet gouf, fir an en Aktiounsplang anzefléissen.

Och wann net all d'Iddien an Ureegungen, déi aus deem Prozess ervirgaange wieren, kuerzfristeg ëmsetzbar wieren, hätt den Dialog mat deene Jonke scho konkret Resultater virzeweisen, sou de Christophe Schumacher: „Mir haten déi Jonk gefrot, wéi mer d'Jugendhaus méi attraktiv kéinte maachen, an do ass de Wonsch no engem Kuerf fir Basket ze spille geäussert ginn, wat och realiséiert gouf. Déi Jonk wollten och selwer Fester organiséieren, an d'Gemeng huet hinnen du proposéiert, dat ënnert eegener Regie an enger kommunaler Infrastruktur ze maachen. Mir hunn hinne gesot, wann se motivéiert wieren, fir sou eppes ze maachen, da géifen se d'Méiglechkeet kréien, an kéinten da weisen, wat se kënnen. Bëssche méi längerfristeg hoffe mer och, de Wonsch no engem Jugendcafé realiséieren ze kënnen, dee fir Jonker do ass a vu Jonke bedriwwe gëtt".

De Sammy Wagner ass och der Meenung, dass d'Politik am Allgemengen sou sollt funktionéieren, wéi de Projet et virgemaach hätt: „Mir maachen eng Bestandsopnam, kucke wou d'reell Besoine vun eise Bierger sinn, leen eis dann op e puer Schwéierpunkte fest, déi mer an de Gemengekommissiounen diskutéiere kënnen, an um Enn soll dat an d'Politik vum Schäfferot mat afléissen". Dee ganze Prozess wier dobäi transparent, well all déi Dokumenter, déi am Kader vun deenen Diskussiounen

C'est ainsi que les six catégories vivre ensemble, vie nocturne, mobilité, lieu de rencontre, sport et culture qui ont servi de base à l'enquête ont été définies. Ces thématiques ont été présentées *en ligne* aux habitants sur un site dédié, de même que *hors ligne* sous la forme de grandes pancartes affichées à différents endroits de la commune. Cela leur a permis de faire part de leurs commentaires et de leurs idées. Les réponses ont ensuite été évaluées par *4Motion* et le rapport a été discuté le 23 octobre 2021 lors d'un forum de la jeunesse, avec les représentants de la commune. Sur la base de ce débat, un rapport final a été rédigé et soumis à la commission de la jeunesse et au Collège échevinal pour qu'il puisse être intégré dans un plan d'action.

Selon Christophe Schumacher, même si toutes les idées et propositions découlant de ce processus ne sont pas réalisables à court terme, le dialogue avec ces jeunes a déjà débouché sur des résultats concrets: «Nous avons demandé aux jeunes comment accroître l'attrait de la Maison des Jeunes. Ils ont exprimé leur souhait d'avoir un panier de basket devant la Maison de jeunes. L'installation de ce panier a été réalisé ensemble. Les jeunes souhaitaient aussi organiser eux-mêmes des fêtes et la commune leur a proposé de le faire de leur propre initiative dans une infrastructure communale. Nous leur avons dit que si cette perspective les motivait, l'opportunité leur serait donnée et qu'ils pourraient montrer ce dont ils sont capables. À plus long terme, nous espérons pouvoir donner suite à leur souhait d'ouvrir un café tenu par des jeunes pour des jeunes.

Sammy Wagner est aussi d'avis que, de manière générale, la politique devrait fonctionner de la même manière que ce projet: «Nous faisons un état des lieux, nous analysons les réelles préoccupations de nos citoyens, nous définissons des priorités que nous pouvons discuter dans les commissions communales et tous ces constats doivent être pris en considération dans les politiques du Collège échevinal.» Il s'agit donc d'un processus entièrement transparent car tous les documents qui ont été établis dans le cadre de ces discussions sont publiés sur un


ausgeschafft goufen, op engem Internetsite veröffentlecht ginn. Doduerch géifen d'Bierger gesinn, dass déi Iddien och eescht geholl an ëmgesat ginn. Dee participative Prozess soll an Zukunft systematesch weiderentwéckelt ginn, sou de Buergermeeschter: „Mir probéieren et wierklech sou ze handhaben, dass mer déi Jonk mathuelen an dee ganze Prozess. Sie mussen d'dreiwend Kraaft an deem ganze sinn, a mir leeën hinnen op politeschem Niveau sécher keng Steng an de Wee. Mir probéieren och do, wann eng Hand gebraucht gëtt oder Geld gebraucht gëtt, dat da bereet ze stellen. Mir wëllen awer och net an eng Logik erakommen, dass déi Jonk just d'Iddi ginn, an mir dann hannendrun probéieren, dat an hirem Interêt ëmzesetzen. Dofir war et fir mech och wichteg, dass mer eng Ekipp hannendrun hunn vu Jonken, déi Loscht hunn dat do op d'Been ze stellen. Wann se dann natierlech Ressource brauchen, da musse mir hinnen déi och ginn".

De Christophe Schumacher ass och der Meenung, dass sou Projete wéi *Jugend4room* an der Kommunikatioun mat de Jonken hëllefen: „Ech denke schonn, dass do iergendwann eng Gruppendynamik entsteet. Et ass kloer, dass wann deen Éischten d'Äis brécht, déi Aner sech och méi trauen. Virun allem wann et do keng Tabue gëtt, an iwwert alles geschwat ka ginn. Dowéinst war et och gutt, dass mat *4Motion* do en externe Partner bedeelegt war, deen en anere Kader geschaaft huet, wéi deen, dee se aus der Gemeng gewinnt waren".

> **"[…] *Mir probéieren et wierklech sou ze handhaben, dass mer déi Jonk mathuelen an dee ganze Prozess. Sie mussen d'dreiwend Kraaft an deem ganze sinn***
>
> **[…] *Nous nous efforçons d'intégrer les jeunes dans l'ensemble du processus. Ils doivent en être la force motrice*"**

site internet. Les citoyens se rendent ainsi compte que les idées sont prises en considération et concrétisées. Selon le bourgmestre, ce processus participatif doit être développé de manière systématique à l'avenir: «Nous nous efforçons d'intégrer les jeunes dans l'ensemble du processus. Ils doivent en être la force motrice et, sur le plan politique, nous ne leur mettons pas de bâtons dans les roues. Là aussi, nous essayons d'apporter notre aide ou de mettre des fonds à leur disposition si cela s'avère nécessaire. Mais nous ne souhaitons pas non plus adopter une logique où les jeunes se contentent de formuler l'idée et où nous essayons de la mettre en œuvre dans leur intérêt. C'est pourquoi, il était important pour moi de constituer une équipe de jeunes qui ont envie de mettre sur pied ce processus. Bien entendu, quand ils ont besoin de ressources, nous les mettons à leur disposition.»

Christophe Schumacher est aussi d'avis que des projets comme le *Jugend4room*, contribuent à améliorer la communication avec les jeunes: «À un moment donné, une dynamique de groupe se développe. Et bien entendu, lorsque la première personne brise la glace, les autres osent davantage formuler des idées. En particulier lorsqu'il n'y a pas de sujets tabous et que l'on peut discuter de tout. C'est pourquoi, il était judicieux que le partenaire externe *4Motion* participait au processus et mettait en place un autre cadre que le cadre habituel.»










**Le programme de financement européen LEADER a cofinancé ce projet à hauteur de 71 %:**

**Budget total:** 20.000 €
**Cofinancement LEADER** (État et UE): 71% = 14.200 €
**Financement de la région:** 29% = 5.800 €



Photos: Fro de Bauer asbl

# Fro de Bauer

## D'Schoulkanner fir d'Liewensmëttel-produktioun an d'Aarbecht vum Bauer sensibiliséieren

Schonns zënter Joren huet de Landwirtschaftssecteur en Imageprobleem. International an och hei zu Lëtzebuerg. De Leeschtungsdrock ass grouss, de Maart mat Béllegproduiten iwwersiedegt an de Bauer oft a Verruff, sech weder u Naturschutzrichtlinnen, nach u Moossname fir d'Déierewuel ze halen. Fir deem entgéintzewierke gouf 2016 vun der *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren* d'Campagne *Fro de Bauer* an d'Liewe geruff.

Wat deemools als réng Imagekampagne ugefaangen huet, bei där d'Leit sech mat hire Froen direkt un de Produzent adresséiere konnten, war e Succès an ass säi Wee gaangen. Zwee Joer méi spéit koum et zu enger Zesummenaarbecht tëscht de Grënner vu *Fro de Bauer* an de LEADER Regiounen Lëtzebuerg West, Éislek a Regioun Mëllerdall. „D'Iddi war, fir iwwer dee Wee, e Projet am ländleche Raum ze lancéieren, wou een de Konsument vu muer – nämlech d'Kanner an dat iwwert d'Schoulen, direkt kéint uschwätzen an un der Basis Sensibilisatiounsaarbecht leeschten", erënnert sech d'Lisa Jacqué, Responsabel fir de Projet. Esou koum et an enger zweeter Phas zum LEADER-Projet *Fro de Bauer*, deen an de Schouljoren 2018/2019 an 2019/2020 gelaf ass, wéi en 2020 du vum Landwirtschaftsministère iwwerholl gouf an elo am zweete Joer ass.

## Sensibiliser les élèves à la production alimentaire et au travail des agriculteurs

Cela fait de nombreuses années que le secteur agricole souffre d'un problème d'image, tant à l'échelon international qu'à l'échelle du pays. La pression exercée est très forte: le marché des produits à bas coût est saturé et on reproche souvent aux agriculteurs de ne pas respecter les directives sur la protection de la nature, ni les mesures garantissant le bien-être des animaux. Afin de remédier à ce problème, l'association *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren* a lancé la campagne *Fro de Bauer* en 2016.

Cette initiative, qui a démarré comme une simple campagne d'image permettant aux personnes intéressées d'adresser leurs questions directement au producteur, a remporté un réel succès et a fait son chemin. Deux ans plus tard, une étroite collaboration a vu le jour entre les fondateurs de *Fro de Bauer* et les régions LEADER Lëtzebuerg West, Éislek et Regioun Mëllerdall. «L'idée était de lancer un projet en milieu rural pour sensibiliser les consommateurs de demain, c'est-à-dire les enfants, en s'adressant directement à eux dans les écoles et de réaliser un travail de sensibilisation à la base», explique Lisa Jacqué, responsable du projet. Le projet LEADER *Fro de Bauer* a vu le jour dans une deuxième phase. Il a été lancé pendant les années scolaires 2018/2019 et 2019/2020, avant d'être repris par le Ministère de l'Agriculture. Il en est actuellement à sa deuxième année.

## De Projet gouf national ausgeweit

„Duerch d'Konventioun mam Landwirtschaftsministère konnt de Projet national ausgeweit ginn, esou dat sech elo Schoulklassen aus dem ganze Land melle kënnen an net just Schoulen aus de Membersgemenge vun den dräi LEADER Regiounen", erkläert déi Responsabel. Aus 40 Klasse pro Joer ënnert LEADER-Tutelle, goufen an de leschten zwee Joer 65 Klassen, wat laut dem Lisa Jacqué och de Maximum ass, deen eng Persoun bewältege kann. Fir dem Succès Rechnung ze doen, gëtt elo eng zweet Persoun agestallt fir an d'Schoulklassen ze goen.

„Mir sinn dem LEADER dankbar, dat si eis d'Méiglechkeet ginn hunn, dëse Projet opzebauen, dee fir béid Säiten en Erfolleg ass", mengt Lisa Jacqué a verweist drop, dat d'Iddi hannert esou LEADER-Projeten ass, dat se no enger gewësser Zäit kënnen onofhängeg weider existéieren, resp. vum lokalen, regionalen oder nationalen Acteuren, iwwerholl ginn.

## Konzept fir de Cycle 4 ausgeschafft

De Sensibilisatiounsprojet riicht sech u Schüler vum Cycle 4 (5. a 6. Schouljoer). D'Lisa Jacqué huet e komplett Konzept entwéckelt, dat sech iwwer e ganzt Schouljoer zitt. Véier Mol am Ganze begëtt d'Lisa Jacqué sech tëscht September a Juli an déi eenzel Klassen, déi sech gemellt hu, fir matzemaachen. Am **éischten Trimester** geet et an der Haaptsaach ëm **regional a saisonal Produiten**, am **zweeten Trimester** steet **d'Produktioun vun den Iesswueren** am Mëttelpunkt an am **drëtten Trimester** ass et en **Ausfluch an e Betrib**, fir d'Aarbecht um Terrain ze gesinn. 13 verschidde Produzente stinn zur Auswiel. Dorënner beispillsweis och Wënzer, Hunnegproduzenten oder Geméisbaueren, un déi ee vläicht net onbedéngt denkt, wa vu Bauere Rieds ass.

## Le projet a été étendu à l'échelle nationale

«Grâce à la convention avec le Ministère de l'Agriculture, le projet a pu être étendu à l'échelon national, de sorte que des classes de tout le pays peuvent y participer, et plus uniquement les écoles des communes membres des trois régions LEADER», explique la responsable. Des 40 classes par an initiales sous tutelle LEADER, nous sommes passés à 65 classes au cours des deux dernières années, ce qui correspond au maximum qu'une personne peut gérer seule, explique Lisa Jacqué. Pour faire face à ce succès, une deuxième personne sera engagée pour se rendre dans les écoles.

«Nous sommes reconnaissants envers LEADER de nous avoir donné la possibilité de mettre en place ce projet qui est une réussite pour les deux parties», déclare Lisa Jacqué qui rappelle que l'idée des projets soutenus par le programme européen LEADER, est qu'ils continuent à exister de manière indépendante après un certain temps ou qu'ils soient repris par des acteurs locaux, régionaux ou nationaux.

## Un concept développé pour le cycle 4

Le projet de sensibilisation s'adresse aux élèves du cycle 4 (5e et 6e années fondamentales). Lisa Jacqué a mis au point un concept complet qui s'étend sur toute l'année scolaire. Entre les mois de septembre et de juillet, elle se rend à quatre reprises dans les différentes classes qui ont manifesté leur intérêt à participer au projet. Au **premier trimestre**, l'accent est principalement mis sur les **produits régionaux et saisonniers**; au **deuxième trimestre**, la **production alimentaire** est mise en avant et au **troisième trimestre**, les élèves réalisent une **excursion auprès d'un producteur** pour découvrir le travail sur le terrain. Le choix peut se porter sur treize producteurs différents dont des viticulteurs, des apiculteurs ou des maraîchers - des exploitants à qui on ne pense pas nécessairement lorsqu'on parle d'agriculteurs.

***Wat ass d'Landwirtschaft? Firwat ass se do? Ëm déi Froen dréint sech de Projet. „D'Äntwert ass, datt d'Landwirtschaft do ass, fir eis ze ernären. Dat ass de Message, dee soll eriwwer kommen"***

Ganz nei dëst Joer ass den Asaz vu VR-Bréller bei der véierter a leschter Visitt vum Lisa Jacqué an der Klass. Mat engem spezielle Bräll, deen extra fir dësen Zweck programméiert gouf, hunn d'Kanner d'Méiglechkeet, virtuell e weideren, landwirtschaftleche Betrib ze entdecken. De Moment hunn si de Choix tëscht engem Mëllechveibetrib an engem Schwéngsbetrib; no a no sollen awer nach weider Produktioune bäikommen. D'Kanner dauchen an eng virtuell Realitéit an a kënne selwer hir Direktioun wielen. Si beweegen sech duerch déi verschidden Zeenen, déi aus Fotoen a Videoe bestinn, andeems si d'Richtung mat den Ae stéieren. De ganzen Tour dauert an der Reegel 20 Minutten. Bei de Kanner geet dat awer meeschtens méi séier, well si sech alles esou ukucken, wéi si grad Loscht hunn. Mol loossen se sech Zäit, mol rennen se doduerch.

## E Programm fir 10- bis 12 Järeger

Dat de Programm sech grad u Kanner vum Cycle 4 riicht, also un 10- bis 12 Järeger, ass gewollt. „Dat ass en Alter, wou d'Kanner awer schon e bestëmmte Wëssensstand hunn, a wou och scho méi déif gräifend Diskussioune méiglech sinn", esou d'Lisa Jacqué.

Hir ass et wichteg, d'Schüler dozou unzereegen, sech kritesch mat der Thematik vun der Liewensmëttelproduktioun auserneenzesetzen an dat ouni wäertend ze sinn oder an de Kanner hir Iwwerleeungen anzegräifen. D'Kanner sollen sech hir eege Meenung maachen an dat unhand vun den Informatiounen an Donnéeën, déi se mat op de Wee kréien.

Hire jonke Public ze animéieren, villes vun deem, wat Selbstverständlechkeeten ze si schéngen, kritesch ze hannerfroen, dat ass et, wat d'Lisa Jacqué erreeche wëll. „Wann et beispillsweis drëm geet, wéi Wueren an de Supermarché kommen, stellen ech ëmmer erëm fest, dat déi mannste Kanner sech dat iwwerhaapt scho gefrot hunn. Si sinn einfach gewinnt, dat alles ëmmer do ass." Esou wier et och net verwonnerlech, datt d'Verständnis fir regional a saisonal Produiten ëmmer méi verluer géif goen. Dëst Wësse gesäit Lisa Jacqué awer als d'Basis un, fir ze verstoen, wéi d'Liewensmëttelketten opgebaut ass.




***Qu'est-ce que l'agriculture? Quelle est sa mission? Le projet s'articule autour de ces questions. «La réponse, c'est que l'agriculture a pour objectif principal de nous nourrir. C'est le message que nous souhaitons véhiculer»***

Une nouveauté cette année est le recours à des lunettes de réalité augmentée lors de la quatrième et dernière visite de Lisa Jacqué dans les classes. Grâce à des lunettes spéciales qui ont été programmées à cet effet, les enfants ont la possibilité de découvrir virtuellement une autre exploitation agricole. Actuellement, ils ont le choix entre une ferme laitière et une exploitation porcine, mais d'autres exploitations viendront s'ajouter au fil du temps. Les enfants plongent dans une réalité virtuelle et peuvent eux-mêmes choisir la direction dans laquelle ils souhaitent aller. Ils parcourent les différentes scènes constituées de photos et de vidéos en indiquant la direction souhaitée avec les yeux. Le tour complet dure habituellement 20 minutes. Les enfants prennent généralement moins de temps, car le nombre de choses qu'ils souhaitent observer dépend de leurs préférences. Parfois, ils prennent leur temps, parfois ils se dépêchent.

## Un programme pour les enfants âgés de dix à douze ans

Le programme a été conçu pour les enfants du cycle 4, c'est-à-dire les élèves âgés de dix à douze ans. «C'est l'âge auquel les enfants possèdent déjà un certain niveau de connaissances et où l'on peut déjà mener des discussions plus approfondies», explique Lisa Jacqué.

D'après elle, il est important d'inciter les élèves à aborder d'un œil critique la production alimentaire, et cela sans porter de jugement et sans les influencer dans leurs réflexions. Les enfants doivent se forger leur propre opinion à l'aide des informations et des données qui leur sont fournies.

Animer son jeune public et remettre en cause bon nombre de réflexions qui semblent être des évidences pour les élèves, voilà les objectifs de Lisa Jacqué. «Lorsque l'on parle de l'approvisionnement des supermarchés, par exemple, je constate régulièrement que la plupart des enfants ne se sont jamais demandé comment les produits arrivent dans les rayons. Ils ont tout simplement l'habitude que tout est disponible à tout moment.» Il ne serait donc pas non plus surprenant que les notions de régionalité et de saisonnalité des produits leur soient aussi étrangères. Lisa Jacqué estime toutefois que ces connaissances constituent la base pour comprendre comment sont constituées les filières alimentaires.





## Objektivitéit als eent vun den Ziler

Ganz oft gëtt d'Lisa Jacqué mat Aussoe wéi Massendéierenhaltung an der Landwirtschaft confrontéiert, wann si an enger Klass ass. „Dat ass dann den Ausgangspunkt fir emol nozefroe wat ass Massendéierenhaltung? Gëtt et dat iwwerhaapt zu Lëtzebuerg? Fir hinnen ze erklären, dat de Bauer deelweis muss fir bëlleg Geld produzéieren, well hie soss net konkurrenzfäeg géigeniwwer de Produzenten aus anere Länner ass. Déi mannsten Entreprisen, awer och d'Privatleit si bereet, déi Zommen ze bezuelen, déi de fäerdege Produit an seng Hierstellung wierklech wäert sinn".

Et wier ëmmer eng Gratwanderung, seet d'Lisa Jacqué, fir ganz neutral un esou Theemen erunzegoen, ouni wäertend ze sinn, an awer d'Kanner unzereegen, nozedenken an ze hannerfroen.

*[...] Am Endeffekt si mir Konsumenten et, déi kënnen eppes un der Produktioun an um Fonctionnement änneren. De Bauer ka just op dat reagéieren, wat gefrot gëtt. Wa mir net ëmdenken, da kann sech schwéier eppes änneren*

*[...] En fin de compte, c'est nous, les consommateurs, qui pouvons faire la différence dans la production et l'exploitation. L'agriculteur ne peut répondre qu'à ce qui lui est demandé. Si nous ne changeons pas d'habitudes, il sera difficile de changer les choses*

## L'objectivité comme objectif

Très souvent, Lisa Jacqué se heurte à des affirmations concernant l'élevage de masse dans l'agriculture lorsqu'elle se rend dans les classes. «Le point de départ, c'est demander ce qu'est l'élevage de masse et si cette pratique existe au Luxembourg. J'explique aux élèves que l'agriculteur doit parfois produire à des tarifs très bas pour rester concurrentiel par rapport aux producteurs d'autres pays et que peu d'entreprises et de consommateurs sont prêts à payer le montant correspondant à la valeur du produit fini et à son coût de fabrication.

Aborder ces questions de façon impartiale, sans porter de jugement, tout en incitant les élèves à réfléchir et à faire preuve d'esprit critique constitue un numéro d'équilibriste.

**Le programme de financement européen LEADER a cofinancé ce projet à hauteur de 74 %:**

**Budget total:** 150.663,23 €
**Cofinancement LEADER** (État et UE): 74% = 111.490,79 €
**Financement des régions** (LW, MU, EL): 26% = 16.572.96 €




## Lokalgeschicht aktiv erliewen!

Wärend an de leschte Joerzéngten an eise Schoule vill Ustrengunge gemaach goufen, fir der Geschicht vum Land Lëtzebuerg an de Léierprogrammen de verdéngte Stellewäert ze ginn, ass d'Lokalgeschicht, déi vun den Traditiounen a Besonneschkeete vun eisen Heemechtsdierfer an -uertschafte verzielt, dobäi dach ëmmer e bëssen e Stéifkand bliwwen.

Dass awer e groussen Interessi un deene Sujete besteet, huet net zulescht déi staark Resonanz op de Projet „L'aventure culturelle" bewisen, deen de LEADER Lëtzebuerg West am Joer 2014 zesumme mat der LEADER Regioun Mëllerdall ëmgesat hat. Am Kader vun deem Projet war deemools e Buch mat lokalhistoreschem Bezuch erschéngen, dat groussen Uklang fonnt huet.

### Lokalwëssen - gratis online fir jiddwereen!

Et war bei souvill Zousproch just eng logesch Konsequenz, dass de LEADER Lëtzebuerg West beschloss huet, déi lokal Geschicht mat engem eegene Konzept direkt an d'Schoulen ze bréngen: Zesumme mat de Grondschoule vun der Regioun LEADER Lëtzebuerg West, de Gemengen, de lokale Geschichtsveräiner,

## Vivre activement l'histoire locale!

Alors qu'au cours des dernières décennies, beaucoup d'efforts ont été consentis dans nos écoles pour accorder à l'histoire du Luxembourg la place qu'elle mérite dans les programmes scolaires, l'histoire locale - celle qui relate les traditions et les particularités de nos villages et localités - demeure encore mal connue.

Le succès rencontré par le projet «L'aventure culturelle» lancé en 2014 par LEADER Lëtzebuerg West en coopération avec la LEADER Regioun Mëllerdall montre qu'il existe cependant un grand intérêt pour ces sujets. Dans le cadre de ce projet, un livre mettant l'accent sur l'histoire locale avait été publié et avait reçu de très bons échos.

### Connaissances locales - librement accessibles en ligne pour tous!

Au vu de cet accueil favorable, la décision de LEADER Lëtzebuerg West de poursuivre sur cette voie et de développer un concept qui lui est propre a semblé une suite logique. Regroupant les écoles fondamentales de la région LEADER Lëtzebuerg West, les communes, les associations d'histoire







nationalen Institutiounen, fräiwëllegen Ënnerstëtzer an e sëllechen Experten ass de Projet *HistoSchool* an d'Liewe geruff ginn, deen et jonke Leit sollt erméiglechen, d'Geschicht vun hirer Regioun op eng spilleresch Aart a Weis kennenzeléieren. Entstanen ass dunn am Zäitraum vu fënnef Joer eng beandrockend Bandbreet vun didaktesch-pedagogeschem Material fir sämtlech Cyclen vun der Grondschoul, dat dem Léierpersonal an allen aneren Interesséierten op der Internetsäit www.letzebuergwest.lu/histoschool käschtefräi zur Verfügung steet a Joer fir Joer kann am Unterricht genotzt ginn.

Déi grouss Panoplie vum HistoSchool-Programm begeeschtert Enseignanten a Schülerschaft mat Workshoppen, spannenden Decouverten, léierräichen Ausflich, Animatiounsfilmer, Bucheditiounen, Modellbau- a Bastelaarbechten a villem méi. An Zesummenaarbecht mat alle Partnergemengen vum LEADER Grupp Lëtzebuerg West, si Sujeten ausgeschafft ginn, déi sech mat de Besonneschkeeten vun de behandelte Localitéite befaassen:

locale, des institutions nationales, des bénévoles et de nombreux experts, le projet *HistoSchool* a été conçu pour permettre aux jeunes de se familiariser de manière ludique avec l'histoire de leur région. En cinq ans, un ensemble impressionnant de ressources didactiques et pédagogiques s'adressant à tous les cycles de l'école fondamentale ont vu le jour. Elles sont gratuitement mises à la disposition du personnel enseignant et des personnes intéressées sur le site internet www.letzebuergwest.lu/histoschool et peuvent être utilisées dans l'enseignement au fil des années.

La grande diversité du programme HistoSchool passionne les enseignants et les élèves, qui se voient proposer des ateliers, des découvertes intéressantes, des excursions instructives, des films d'animation, des livres, des activités de modélisme et de bricolage, etc. Pour toutes les communes du groupe LEADER Lëtzebuerg West, des ressources qui portent sur les particularités des localités mises en lumière ont été élaborées:

D'Inhalter vum Projet *HistoSchool* stinn um Internetsite www.letzebuergwest.lu/histoschool gratis zum Download zur Verfügung.

Les contenus du projet *HistoSchool* sont gratuitement téléchargeable sur le site Internet www.letzebuergwest.lu/histoschool

HistoSchool

# Helperknapp

## „Jurassic Park“, Theaterstécker a Wäschbueren

Zu Bruch, wou jo bekanntlech an den 1990-er Joren am Steebroch Dinosaurier-Schanken entdeckt goufen, kënnen d'Kanner aus dem Cycle 1 sech op d'Spuere vun deenen imposanten ausgestuerwenen Déieren beginn; heibäi kënne si och éischt Erfarungen mam Ausgruewe vu Schanke maachen - e spannenden an interessante **pedagogeschen Ausfluch** an dat prähistorescht Lëtzebuerg!



Eng staark **vereinfacht Kaart vun der Gemeng Helperknapp mat historesche Sitten a Legenden** erlaabt et de Schülerinnen a Schüler, d'Geschicht vun hierer Gemeng kennenzeléieren an an der Klass ze diskutéieren.

E weideren *HistoSchool*-Highlight sinn déi **dräi Theaterstécker** „E Schouldag an der gallo-réimescher Zäit“, „En hondsgewéinleche Spilldag (Historescht Drama)“ an „De Festdag! (Historesch Komedie aus dem Mëttelalter), déi am Klassesall kënnen opgefouert ginn a fir déi de LEADER-Büro d'Kostümer verléint. Duerch den inhaltleche Bezuch zu den Aktivitéiten aus anere Gemengen kënnen déi Stécker och ausserhalb vun der Gemeng Helperknapp presentéiert ginn.

**Véier Geschichten, déi mat Legenden an der Geschicht vun der Gemeng Helperknapp** ze dinn hunn a vum Betsy Dentzer verfaasst gi sinn, erwaarden d'Lieser mam Buch „Geeschter, Wiichtelcher a verschwonnen Dierfer“, dat - wéi och all déi aner *HistoSchool*-Bicher an Informatiounsschrëften - um Internet-Site vum LEADER Grupp kann erofgeluede ka ginn.

**„Wäsch wäschen ewéi fréier“** ass eng weider interessant Aktivitéit, bei där d'Kanner sech kënne bei der Notzung vun engem Wäschbuer beweisen.

## «Jurassic Park», pièces de théâtre et lavoirs

A Brouch, où l'on a découvert dans une carrière dans les années 1990 des os de dinosaures, les enfants du cycle 1 peuvent partir à la découverte de ces imposantes créatures depuis longtemps disparues. Dans ce contexte, ils peuvent aussi faire de premières expériences en déterrant des os - une **excursion pédagogique** aussi passionnante qu'intéressante dans le cadre du Luxembourg préhistorique !

Une **carte très simplifiée de la commune Helperknapp avec des sites et des légendes historiques** permet aux élèves de découvrir l'histoire de leur commune et d'en discuter en classe.

**Les trois pièces de théâtre** «E Schouldag an der gallo-réimescher Zäit», «En hondsgewéinleche Spilldag» (drame historique) et «De Festdag!» (comédie historique du Moyen-Âge), qui peuvent être représentées en classe, constituent un autre point fort du projet *HistoSchool*. Le bureau LEADER met à disposition les costumes nécessaires pour cette activité. En raison des références aux activités menées dans d'autres communes, les pièces peuvent aussi être présentées en-dehors de la commune de Helperknapp.

Le livre «Geeschter, Wiichtelcher a verschwonnen Dierfer» dévoile **quatre histoires en rapport avec l'histoire de la commune Helperknapp** rédigées par Betsy Dentzer. À l'instar des autres livres et magazines *HistoSchool*, ce livre est également disponible sur le site internet du groupe LEADER.

**«Wäsch wäschen ewéi fréier»** est une autre activité intéressante qui permet aux enfants de vivre une autre expérience en utilisant un ancien lavoir.

# Stengefort

## Ee Sträifzuch duerch déi *Al Schmelz*

Déi *Al Schmelz* an hier Produktiounsketten gëtt de Schülerinnen a Schüler an engem **animéierte Comicfilm** erzielt. Weider Erklärungen doriwwer, wéi fréier an der Schmelz geschafft gouf, kritt een am Kader vu **geféierte Visitten**. Zum Stengeforter Programm gehéieren och en **Ausfluch an d'Steebréch mat Spill- a Sammelaktivitéiten, eng kuerz Wanderung, lëschteg Bastelaarbechte fir d'Kanner an eng Visualiséierung vum kompletten Areal vun der** *Aler Schmelz*.



## Une incursion dans l'ancienne usine sidérurgique

Un **film d'animation** fait découvrir aux élèves l'histoire de l'ancienne usine sidérurgique de Steinfort et sa chaîne de production. Des **visites guidées** fournissent des explications supplémentaires sur le travail des ouvriers au sein de cette usine. Le programme de Steinfort comprend également une excursion **dans les carrières avec des jeux et des activités de collecte, une courte randonnée, des activités de bricolage pour les enfants et une visualisation de l'ensemble du site de cette ancienne usine sidérurgique.**

## Garnech

### Zäitrees duerch d'Joerhonnerten

An enger flotter **Zeitung mat Artikelen aus de verschiddenen Epochen vun der Geschicht** ginn de Schülerinnen a Schüler wäertvoll Informatiounen iwwer historesch Themen gebueden. Dës Publikatioun kann och am Sproochenunterricht genotzt ginn. Doriwwer eraus kënnen déi jonk Geschichtsintresséiert sech mat enger **„Schatztruh"** befaassen, déi **mat réimeschen Artefakte** gefëllt ass a beim LEADER-Büro kann ausgeléint ginn.



Mat enger **Geschicht fir Virzeliesen** kënnen d'Schülerinnen a Schüler sech an d'Zäit vum Mëttelalter zerékversetzen an entdecken wéi et sech fréier an engem klengen Duerf wéi Koler geliewt huet.

### Voyage à travers les siècles

Dans un **journal présentant des articles qui mettent l'accent sur les différentes époques de l'histoire**, les élèves obtiennent des informations précieuses sur des sujets historiques. Cette publication peut également être utilisée dans le cadre des cours de langue. De plus, les jeunes qui s'intéressent à l'histoire ont la possibilité d'examiner un **«coffre aux trésors» rempli d'artefacts romains**, que les enseignants peuvent emprunter auprès du bureau LEADER.

Avec une **histoire à lire à haute voix**, les élèves peuvent remonter au Moyen Âge et découvrir à quoi ressemblait la vie d'antan dans un petit village comme Koler.

## Miersch

### Eng spannend Rallye duerch d'Epochen

Natierlech kënnt och Miersch net ze kuerz: Op **verschiddenen Statiounen duerch d'Uertschaft Miersch** kënnen d'Schülerinnen an d'Schüler déi historesch Epochen kennenléieren déi Miersch bis haut prägen: déi **gallo-réimesch Zäit, de Mëttelalter an den 2. Weltkrich**. Et gëllt déi réimesch Spillkultur ze entdecken, d'Schlass Miersch a seng Geschicht kennenzeléieren an eppes driwwer gewuer ze ginn, wéieng Auswierkungen den 2. Weltkrich hat.



Doriwwer eraus, gëtt et eng **Statioun iwwer remarkabel Persounen aus der Gemeng Miersch**, déi fräi zougänglech am *Mierscher Park* steet. Dréibar Wierfelen animéieren zu engem klenge Spill, bei deem bekannt Perséinlechkeeten an hiert Wierk duergestallt ginn. Fir Aktivitéiten am Klassesall besteet och d'Méigelechkeet, sech déi Wierfelen am LEADER-Büro auszeléinen.

E wäertvollt Léiermaterial, ass **d'Buch „Balafré"**, dat vu Schülerinnen a Schüler vun der Mierscher Annex vum Lycée classique de Diekirch zesummegestallt gouf a sech mat de **Legenden iwwert d'Wëllef an de Bëscher ronderëm Miersch** beschäftegt.

### Un rallye passionnant à travers les époques

Mersch fait bien entendu aussi partie des villes mises en lumière. Aux **différentes stations installées à travers la ville**, les élèves peuvent découvrir les périodes historiques qui la marquent jusqu'à aujourd'hui: **l'époque gallo-romaine, le Moyen Âge et la Seconde Guerre mondiale.** L'objectif est de découvrir la culture de jeu romaine, d'en apprendre davantage sur le château de Mersch et son histoire et de comprendre les conséquences de la Seconde Guerre mondiale. De plus, une **station librement accessible** dans le parc de Mersch **est dédiée aux personnalités de la commune.** Des dés pivotants invitent les élèves à un petit jeu au cours duquel ils découvrent ces personnalités et leurs œuvres. Pour les activités en classe, les enseignants peuvent aussi se procurer les dés auprès du bureau LEADER.

Le **livre «Balafré»**, qui traite des **légendes sur les loups et les forêts dans les alentours de Mersch**, est une ressource pédagogique précieuse mise au point par l'annexe de Mersch du Lycée classique de Diekirch.

# Habscht/Simmer

## De fromme Ritter Tom

Net mannner léierräich ass d'Buch, dat fir d'Schoule vun der Gemeng Habscht virläit: „De frommen Tom“ vum Stéphanie Konnen erzielt déi intressant **Geschicht vum Ritter Thomas von Simmern**.

En zweet **Buch** beschäftegt sech mat der **Hierstellung vu Kraider- a Fäerdegprodukter zu Simmer** an der Zäit nom Zweete Weltkrich.




„Fremde in Simmern“ ass den Titel vun engem **historeschen Theaterstéck**, fir dat déi jonk Schauspiller zäithistoresch Kleeder vum LEADER Büro zur Verfügung gestallt kréien. Zum Simmer Programm gehéiert dann och nach e **Workshop**, bei deem sougenannt **Lapbooks mam Thema „Ritter a Buergfra“** vun de Schülerinnen a Schüler erstallt ginn an et gëtt sech, grad ewéi an der Gemeng Helperknapp, mat der Geschicht an der Funktioun vum Wäschbuer befaasst.

## Le chevalier pieux Tom

Le livre mis à la disposition des écoles de la commune Habscht est lui aussi très instructif: «De frommen Tom», de Stéphanie Konnen, raconte **l'histoire passionnante du chevalier Thomas von Simmern.**

Un deuxième **livre** traite de la **fabrication de produits à base d'herbes et de produits finis à Septfontaines** à l'époque de la Deuxième Guerre mondiale.

«Fremde in Simmern» est le titre d'une **pièce de théâtre historique** pour laquelle le bureau LEADER met à la disposition des jeunes acteurs des vêtements d'époque. Le programme comprend également un **atelier** au cours duquel les élèves mettent au point des lapbooks **sur le thème «Chevalier et châtelaine»**. Tout comme dans la commune Helperknapp, l'histoire et la fonction du lavoir sont mises en avant.

# Käerch

## Vun Hexen a Fachwierkhaiser

D'Mëttelalter a seng Buergen stinn an der Gemeng Käerch am -Fokus. Hei kënnen d'Schülerinnen an d'Schüler vum Cycle 4.2 sech mam **Holzmodell vun engem Fachwierkhaus** beschäftegen a ginn och vill iwwer mëttelalterlech Bautechnike gewuer.

D'*Gréiweschlass* mat all sengen Ecken a verstoppte Wénkelen kënnen d'Schülerinnen an d'Schüler op enger spannender **Rallye** selwer entdecken.



Déi grugeleg **Geschicht vun der Hexejuegd am 17. Joerhonnert** ass vum Muriel Moritz mat vill Léift an eng kannergerecht Erzielung agebaut ginn. Vum Rasha Sawas illustréiert ass ee schéint Buch entstanen dat d'Geschicht vun engem fréiere Schlasshär, enger Kräiderfra an engem zimlech eegewëllegen Tuerm erzielt.

## Des sorcières et des maisons à colombage

Le Moyen Âge et ses châteaux forts sont mis à l'honneur dans la commune de Koerich. **Les élèves du cycle 4.2 peuvent travailler sur la maquette en bois d'une maison à colombages et en apprennent beaucoup au sujet des techniques de construction médiévales.**

Ils peuvent découvrir par eux-mêmes tous les coins et recoins du château de Koerich lors d'un **rallye** passionnant.

Muriel Moritz a intégré l'épouvantable histoire de la chasse aux sorcières au XVII$^{e}$ siècle avec beaucoup de tendresse dans un conte taillé sur mesure pour les enfants. Résultat: un livre très intéressant, illustré par Rasha Sawas, qui raconte l'histoire d'un ancien châtelain, d'une femme herboriste et d'une tour plutôt capricieuse.

# Mamer

## Legende vu fréier, nei erzielt vum Henri Losch

En **„Zäitbliedchen“ mat lokalhistoreschem Bezuch** begeeschtert och d'Nowuess-Historiker an der Gemeng Mamer. Fir d'Schülerinnen a Schüler vun de Cyclen 1 an 2 huet den - an Tëschenzäit leider verstuerwenen - Auteur Henri Losch mat **„3 clever Butzen“ eng Geschicht iwwert d'Gemeng an hir Seechen a Legenden** an altersgerechter Sprooch geschriwwen.


Mamer Zäitblietchen.

Seltsames Tier sorgt für Aufsehen

HIER GUTER ORT!

## Des légendes d'antan racontées par Henri Losch

Le **journal «Zäitbliedchen»**, qui met l'accent sur l'histoire locale, passionne aussi les historiens en herbe dans la commune de Mamer. L'auteur Henri Losch, qui nous a malheureusement quitté entre-temps, a écrit **l'histoire «3 clever Butzen» sur la commune et ses légendes** dans un langage adapté aux élèves des cycles 1 et 2.

## *HistoSchool*: Eng „Vergaangenheets-Schoul“ mat Zukunft!

Natierlech blouf och de Projet *HistoSchool* vun der sanitärer Kris an de leschten zwee Joer net verschount. „Et ass kloer, dass d’Schoulen a leschter Zäit ganz aner Prioritéiten haten“, seet d’Mme Céline Lanners, déi fir de Projet responsabel ass. „Et war eis zum Beispill net méiglech, verschidden Tester vun eenzelnen Unterrechtseenheeten ze maachen, ier se an den Asaz gaange sinn - dat gëtt awer nach nogeholl. Mir sinn elo amgaang, de Bilan ze maachen an dann ze kucken, wéi de Projet weider ausgebaut gëtt.

**Mir géifen eis jiddwerfalls wënschen, dass d’Schoulen aus der Regioun d’Inhalter vum Projet *HistoSchool* an Zukunft an hiren „Plan de développement scolaire“ verankeren, fir dass d’Beschäftegung mat der Lokalgeschicht zu engem feste Bestanddeel vum Enseignement gëtt.“**

Selbstverständlech ass déi grouss Kollektioun vun *HistoSchool*-Léiermaterialien, déi een um Internet gratis consultéieren an telechargéiere kann, net nëmme fir Schoulzwecker gëeegent, mä villes kann och beispillsweis vun Elteren a Jugendveräiner oder vu Kannertherapeuten als Inspiratiounsquell fir flott an instruktiv ausserschoulesch Aktivitéite genotzt ginn. Niewebäi séif bemierkt, dass een och als Erwuessenen mam Projet *HistoSchool* villes iwwert seng Heemechtsgemeng gewuer gëtt, dat ee mat Sécherheet nach net wousst...!

D’Aweiung vum LEADER Projet *HistoSchool* war de 14. Oktober 2021 an der *Aler Schmelz* zu Stengefort an der Presenz vum Educatiounsminister Claude Meisch, de Vertrieder vum Landwirtschaftsministère an de Partnergemengen. Hei konnt een all d’Inhalter an hir Ëmsetzung an de Schoulen un den Informatiounsstänn vun den Enseignantë vun de Schoulen aus de Membersgemengen entdecken. D’Ausstellung war de ganzen Dag op fir de Public.



## *HistoSchool*: une «école du passé» avec beaucoup d’avenir !

Bien entendu, la crise sanitaire n’a pas épargné le projet *HistoSchool* ces deux dernières années. «Il est clair que, ces derniers temps, les écoles avaient d’autres priorités», déclare Céline Lanners, responsable du projet. «Nous n’avons par exemple pas pu réaliser différents tests relatifs à certaines unités d’enseignement en vue de leur mise en œuvre, mais nous le ferons prochainement. Nous sommes en train de dresser le bilan et de voir comment développer le projet.

**Nous souhaitons en tout cas que les écoles de la région intègrent les contenus du projet *HistoSchool* dans leur «plan de développement scolaire», de sorte que l’histoire locale fasse partie intégrante de l’enseignement.»**

Bien entendu, le vaste recueil de ressources pédagogiques que l’on peut consulter et télécharger gratuitement sur internet ne s’adresse pas uniquement aux écoles: les parents, les associations de jeunesse et les thérapeutes pour enfants peuvent également s’en servir comme source d’inspiration pour mener des activités extrascolaires intéressantes et instructives. Soit dit en passant, les adultes apprendront eux aussi beaucoup de nouvelles choses sur leur commune d’origine à l’aide du projet *HistoSchool*!

L’inauguration du projet LEADER *HistoSchool* a eu lieu le 14 octobre 2021 dans l’ancienne usine sidérurgique *Al Schmelz* en présence du Ministre de l’Education Claude Meisch, des représentants du Ministère de l’Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et des communes partenaires. Les participants ont pu y découvrir tous les contenus et leur mise en œuvre dans les écoles sur des stands d’information tenus par les enseignants qui travaillent dans les écoles des communes membres. L’exposition était ouverte au public tout au long de la journée.

**Le programme de financement européen LEADER a cofinancé ce projet à hauteur de 71 %:**

**Budget total:** 350.300,05 €
**Cofinancement LEADER** (État et UE): 71% = 248.713,04 €
**Financement de la région:** 29% = 101.587,01€



# Eng grouss Entwécklung fir de Vëlo am Weste vum Land

Virun e puer Joer huet d'Regioun LEADER Lëtzebuerg West an de Réidener Kanton sech dem Vëlossecteur ugeholl, an den Inventaire vun all de Weeër, déi mam Vëlo befuer kënne ginn, gemaach.

2016 ass eng regional Vëlosbeschëlderung an Zesummenaarbecht mat de Gemengen, mat Ponts & Chaussées an dem Mobilitéitsministere, am ganze Weste vum Land opgeriicht ginn.

Parallel zu der Ausschëlderung vun de regionalen a lokale Weeër sinn och touristesch Tier ausgeschafft a beschëldert ginn.

Den éischten Tour - **Wisen West Tour** - genannt geet iwwert eng Distanz vu 36km. Op sengem Tracé leien de Jhanglismusée a fräier Natur zu Nidderpallen, de Schifermusée zu Uewer-Maartel, d'Millen zu Biekerech, an d'Kierch an de Musée Thillenvogtei zu Randschelt. Dësen Tour mat héijem Schwieregkeetsgrad féiert iwwer kleng goudronéiert Weeër a Pied, mä och iwwert e Stéck vum nationale Vëloswee PC17, dee Réiden un der Atert mat Ueschdref verbënnt. Dëse Wee, dee kräiz a queer iwwert d'Felder geet, offréiert eng fantastesch Aussiicht iwwer d'Natur an déi charmant Dierfer vun der Géigend. Dëse Circuit kann a béid Direktioune gefuer ginn, mä en ass manner ustrengend an d'Richtung, wéi d'Auer dréint.

Den zweeten Tour - **Dällchen West Tour** - genannt geet iwwert eng Distanz vu 24km. Op sengem Tracé leien de Musée Michel Lucius zu Rëmerech, d'Useldenger Schlass an déi réimesch Mosaik virun der Gemeng vu Viichten. Ee Stéck vun dëser Streck mat héijem

# Un développement majeur pour le vélo dans l'ouest du pays

Il y a quelques années, la région LEADER Lëtzebuerg West et le canton de Redange ont décidé de promouvoir le vélo et ont fait l'inventaire de toutes les pistes cyclables.

En 2016, une signalisation régionale des pistes cyclables a été mise en place dans tout l'ouest du pays en collaboration avec les communes, Ponts & Chaussées et le ministère de la Mobilité.

Parallèlement au balisage des sentiers régionaux et locaux, des circuits touristiques ont également été conçus et marqués.

Le premier circuit appelé - **Wisen West Tour** - parcourt une distance de 36km. Son parcours comprend le musée du Jhangli en pleine nature à Niederpallen, le musée de l'Ardoise à Haut-Martelange, le moulin à Beckerich, ainsi que l'église et le musée Thillenvogtei à Rindschleiden. Ce circuit difficile mène sur des chemins goudronnés et des sentiers étroits, mais passe aussi sur un tronçon de la piste cyclable nationale PC17, qui relie Attert à Arsdorf. Ce sentier à travers champs offre une vue imprenable sur la nature et les charmants villages de la région. Il peut être parcouru dans les deux sens, mais il est moins fatiguant dans le sens des aiguilles d'une montre.

Le deuxième circuit appelé - **Dällchen West Tour** - parcourt une distance de 24km. Sur son parcours se trouvent le Musée Michel Lucius à Reimberg, le château d'Useldange et la mosaïque romaine devant la commune de Vichten. Une section





Schwieregkeetsgrad féiert iwwert de nationale Vëloswee PC12, deen dësen Tour mam *Wisen West Tour* verbënnt an en Zougang op d'Garë vu Colmer-Bierg a Klengbetten bitt. Dës Streck féiert virun allem iwwert kleng hiwweleg an och emol onbefestegt Stroossen, an offréiert de Vëlosfuerer eng wonnerschéin Aussiicht iwwert d'Regioun.

Den drëtten Tour - **Jhangeli West Tour** - ass en einfachen Tour deen ideal fir Famillen ass.

Iwwert 11km, entdeckt dir d'Naturlandschafte ronderëm Beckerich wéi och déi al Eisebunnsstreck. Zu Näerden kënnt dir eng kleng Paus maachen an dee klenge charmante Musée *Näerdener Gare* entdecken, wou al Objeten aus der lëtzebuerger Eisebunnsgeschicht ausgestallt sinn. Zu Nidderpallen kënnt dir och e Stopp beim ale Persounewon maachen, d'Kanner wäerten sech amuséieren!

Well dës dräi Tier keen Ausgangspunkt hunn, ass et de Vëlosfuerer iwwerlooss, op wéi enger Plaz se d'Circuite wëllen ufänken.

Op der Kaart vun de Vëlosweeër sinn nach weider zwee Tier agedroen (déi nach net beschëldert goufen).

Le **sud de la région**, dëse Rondwee vu 24km geet iwwer Mamer, Holzem, Garnech, Koler, d'PC12 an d'PC13, an dann erëm op Mamer. En huet e geréngе bis mëttlere Schwieregkeetsgrad an exploréiert de Süde vun der Regioun LEADER Lëtzebuerg West. Dësen Tour, deen aus Felder- a Bëschlandschafte besteet, kann ëm 19km verlängert ginn iwwer Héiweng, éier et op d'PC12 geet.




de ce circuit difficile passe par la piste cyclable nationale PC12, qui relie ce circuit au *Wisen West Tour* et permet d'accéder aux gares de Colmar-Berg et Kleinbettingen. Le circuit passe principalement par de petits sentiers vallonnés et parfois non goudronnés et offre aux cyclistes une vue magnifique sur la région.

Le troisième circuit - **le Jhangeli West Tour** - est un circuit facile, idéal pour les familles.

Sur 11km, vous découvrez les paysages naturels autour de Beckerich ainsi que l'ancienne voie ferrée. À Noerdange, vous pouvez faire une petite pause et découvrir le charmant petit musée *Näerdener Gare*, qui expose des objets anciens de l'histoire ferroviaire luxembourgeoise. À Niederpallen, vous pouvez également vous arrêter à l'ancien wagon qui amusera certainement les enfants!

Comme les trois circuits n'ont pas de point de départ, les cyclistes peuvent partir d'où ils veulent.

Deux autres circuits figurent sur la carte des pistes cyclables, qui ne sont pas encore balisés.

Le **sud de la région** est un circuit de 24km qui passe par Mamer, Holzem, Garnich, Kahler, la PC 12 et la PC13, puis retourne à Mamer. Il a un niveau de difficulté faible à moyen et explore le sud de la région LEADER Lëtzebuerg West. Ce circuit, composé de paysages champêtres et forestiers, peut être prolongé de 19km en passant par Hivange, avant d'atteindre la PC12.

Les **alentours du château de Koerich**, ass e Rondwee vun 26km mat engem mëttlere bis héijem Schwieregkeetsgrad. Dësen Tour léist iech d'Ëmgéigend vu Käerch entdecken, andeems en iwwert Giewel (réimesch Villa), Nouspelt (typesch ländlecht Duerf) an dann iwwert de PC14 op Mamer féiert. Vun do aus geet et iwwert PC13 op Garnech, weider op Stengefort (alt Industrieduerf). Zwëschent Stengefort a Käerch fiert een iwwert e Feldwee deen am Ree schlecht befuerbar ass.

Parallel zur Vëlosbeschëlderung déi opgeriicht ginn ass an der Kaart, déi ausgeschafft gouf, sinn och **Opluetstatiounen fir elektresch Vëloen** installéiert ginn.

- Biereng/Miersch, Hotel Martha
- Huelmes, Jugendherberg
- Simmer, Camping *Simmerschmelz*
- Miersch, Park a Schwämm *Krounebierg*
- Useldeng, Info-Point

Am Fall wou dir ouni Kaart ënnerwee sidd, fannt dir och **Infoschëlter** wou dir Iech kënnt an der Regioun orientéieren an all néideg Infoen zum Thema Vëlo kënnt fannen.

Aktuell gëtt och un engem **Rent a Bike System** geschafft. Dräi Locatiounsstatiounen si geplangt wou ee verschidden Zorte vu Vëloe kann ausléinen:

- Useldeng (Enn 2022)
- Miersch (Enn 2022)
- Klengbetten (2023)

Dëse Projet an déi, déi sech dorausser erginn, sollen déi duuss Mobilitéit verbesseren an de Vëlostourismus fërderen duerch d'Bereetstelle vu strukturéierten a securiséierte Circuiten, adaptéierte Servicer an aktualiséiertem Informatiounsmaterial.

**Mir wënschen Iech vill Spaass beim pedalléieren!**



Les **alentours du château de Koerich** est un circuit de 26km d'un niveau de difficulté moyen à élevé. Ce circuit vous permet de découvrir les environs de Koerich, en passant par Goeblange (villa romaine), Nospelt (village rural typique), puis par la PC14 à Mamer. Ensuite, vous empruntez la PC13 jusqu'à Garnich, puis rejoignez Steinfort (ancien village industriel). Entre Steinfort et Koerich, le circuit passe par une route de campagne difficile à parcourir quand il pleut.

En plus du balisage des pistes cyclables qui a été mis en place et de la carte qui a été élaborée, des **bornes de recharge pour vélos électriques** ont également été installées.

- Beringen/Mersch, hôtel Martha
- Hollenfels, auberge de jeunesse
- Septfontaines, camping *Simmerschmelz*
- Mersch, parc et piscine *Krounebierg*
- Useldange, point d'information

Si vous n'avez pas la carte sur vous, vous trouvez également des **panneaux d'information** qui vous permettent de vous orienter dans la région et de trouver toutes les informations nécessaires sur le cyclisme.




Actuellement, un **système de location de vélos est en cours d'élaboration**. Trois stations de location, où différents types de vélos peuvent être loués, sont prévues:

- Useldange (fin 2022)
- Mersch (fin 2022)
- Kleinbettingen (2023)

Ce projet et ceux qui en découlent visent à améliorer la mobilité douce et promouvoir le cyclotourisme par la mise à disposition de circuits structurés et sécurisés, de services adaptés et de supports d'information à jour.

**Nous vous souhaitons beaucoup de plaisir à pédaler!**




**D'Vëloskaart a weider Informatioune kritt dir beim:**

**La carte des pistes cyclables et plus d'informations sont disponibles auprès de:**


**ORT Guttland**
T: 28 22 78 62
E: info@visitguttland.lu



**Ce projet interrégional a été cofinancé d'un taux max. de 74%:**

**Budget total:** 207.897,01 €




© Alain Welter



Guttland.Trails

# Déi schéinste Wanderweeër an der Regioun

Ofgeleeë Fielsformatiounen, onberéiert Bëscher a Wisen, verbuerge Baachen a Weieren, wonnerschéin Aussiichten… D'Guttland huet sou munches ze bidden an hält déi eng oder aner schéi Plaze fir Iech bereet, déi nëmmen dorop waarden entdeckt ze ginn.

## Genosswanderen an der Regioun

De regionalen Tourismusverband Zentrum/Westen, a béid LEADER Aktiounsgruppen Atert-Wark a Lëtzebuerg West, ewéi och d 'Gemengen an déi lokal Veräiner schaffen zesummen dorun d'Regioun touristesch weider ze stäerken an den Awunner wei och dem Tourist eng attraktiv Offer un Wanderweeër ze bidden.

Déi éischt Viraarbechte fir dëse Projet hunn schonn 2016 ugefaangen an am Kader vun engem LEADER Projet goufen iwwer 1.300km Wanderweeër an der Regioun Guttland ana-

# Les plus beaux sentiers de randonnée de la région

Des formations rocheuses isolées, des forêts et prairies intactes, des ruisseaux et étangs cachés, des vues magnifiques… Le Guttland a beaucoup d'atouts et compte de nombreux beaux endroits qui n'attendent qu'à être découverts par vous.

## Randonnées agréables dans la région

L'Office Régional du Tourisme du Centre et de l'Ouest, les deux groupes d'action locale LEADER Atert-Wark et Lëtzebuerg West, ainsi que les communes et les associations locales travaillent ensemble pour renforcer l'attrait touristique de la région et proposer une offre attrayante de sentiers de randonnée aux habitants et aux touristes.

Les premiers travaux préparatoires de ce projet ont débuté en 2016 et plus de 1300km de sentiers de randonnée dans la région du Guttland ont été analysés dans le cadre d'un projet



Photo: LFT Alfonso Salgueiro

lyséiert. Dës Analysen hunn gewisen, dass et eng Réi flott, kuerz Rondwanderweeër an der Regioun gëtt, déi besser valoriséiert musse ginn. **D'Decisioun sech op méi kuerz Tier, vun engem hallwen oder engem ganzen Dag, ze konzentréieren huet sech an de leschten zwee Joer nach emol bestätegt: Duerch d'Pandemie fannen ëmmer méi Leit de Wee an d'Natur a wëllen deen een oder anere flotten Dagesausfluch maachen.**

Den däitsche Wanderverband vergëtt fir sou kuerz Weeër, déi bis maximal 20km laang sinn, e Qualitéitslabel. D'Guttland wäert déi éischt Regioun ausserhalb Däitschland ginn déi sou e Label kritt. Dëse Qualitéitslabel ënnerscheet tëscht 8 Thematiken: Traumtour, Kulturerlebnis, Naturvergnügen, Familienspaß, regionaler Genuss, Komfortwandern, Winterglück a Stadtwanderung, woubäi all Thematik seng ganz eege Critèren erfëlle muss.

Mam Startschoss bei eis an der Regioun sollen dës kuerz Qualitéitsweeër och op en internationalen Niveau bruecht ginn: D'ERA (European Ramblers's Association) huet Decisioun geholl dass d'Regioun Guttland mat dësem Projet **Pilotregioun fir e neien internationale Label ‚Leading Quality Daywalks – Best of Europe'** soll ginn, wat eng enorm Chance fir eis Regioun duerstellt.

LEADER. Les analyses ont montré qu'il existe de nombreux jolis petits sentiers de randonnée dans la région, qui doivent être mieux valorisés. **La décision de se concentrer sur des circuits plus courts, d'une demi-journée ou d'une journée entière, a été réaffirmée ces deux dernières années: en raison de la pandémie, de plus en plus de personnes se rendent dans la nature et veulent faire de belles excursions d'une journée.**

L'association allemande de randonnée octroie un label de qualité aux sentiers courts ayant une longueur maximale de 20km. Le Guttland sera la première région hors d'Allemagne à recevoir ce label. Le label de qualité distingue 8 thématiques: circuit de rêve, expérience culturelle, découverte de la nature, divertissement en famille, plaisir régional, randonnée confort, bonheur hivernal et randonnée urbaine, chaque thème devant répondre à des critères distincts.

Le coup de départ dans notre région marque le lancement international de ces courts sentiers de qualité: l'ERA (European Ramblers' Association) a décidé que la région du Guttland ferait office de **région pilote pour le nouveau label international Leading Quality Daywalks – Best of Europe**, ce qui est une chance énorme pour notre région.



Photo: LFT Alfonso Salgueiro

## De Startschoss fir d'*Guttland.Trails*

Zanter e puer Joer gëtt aktiv un der Entwécklung vun dëse Weeër geschafft. Ugefaange mat der Analyse vun de bestoende Weeër a ganzer 28 Gemengen, Zréckhale vu potentielle Weeër, bis hin zur Selektioun vun dräi Weeër déi an enger éischter Phase sou ee Qualitéitslabel solle kréien. Parallel dozou sinn d'Aarbechten am Marketing Volet op Héichtoure gelaf: Wéi sollen dës Weeër heeschen? Ënner wéi engem Motto sollen dës Weeër entstoen?

D'Regioun Guttland eegent sech perfekt fir de *Slow Tourismus*, a genee dat sollen déi zukünfteg Qualitéitsweeër och ausstralen.

No laanger Zesummenaarbecht a Recherche ass Decisioun gefall. Den offiziellen Numm soll sech aus Englesch wei och Lëtzebuergesch zesummesetzen: D'*Guttland.Trails*. Woubäi all Wee säi ganz eegene lëtzebuergeschen Numm kritt, ewéi zum Beispill de *Siwe Bréckе-Wee* zu Rëmmerech.

**Startschoss setzen 3 Weeër:**

- **Siwe Brécke-Wee** zu Rëmmerech, an der LEADER Regioun Atert/Wark
- **Mamerleeën** zu Miersch, an der Regioun LEADER Lëtzebuerg West
- **Fuussepad** zu Steesel, an enger Membersgemeng vum Tourismusverband.

D'Zil vun dësem LEADER Projet ass et 5 bis 10 Weeër bis Ufank 2023 zertifiéieren ze loossen.

> ***[…] Et soll e Genosswandere sinn, wou een zur Rou kënnt, d'Natur genéissen an erliewe kann.***

> ***[…] La randonnée doit procurer du plaisir et permettre aux randonneurs de se détendre et profiter de la nature.***

## Coup de départ des *Guttland.Trails*

Le développement de ces sentiers se poursuit activement depuis plusieurs années. Le travail comporte l'analyse des sentiers existants dans 28 communes, le tri des sentiers candidats jusqu'à la sélection de trois sentiers devant recevoir le label de qualité dans une première phase. En parallèle, les travaux de marketing ont battu leur plein: Quel nom donner aux sentiers? Sous quelle devise placer les sentiers?

La région du Guttland se prête parfaitement au tourisme doux et c'est exactement ce que les futurs sentiers de qualité veulent transmettre.

Après de longues recherches et de nombreuses collaborations, une décision a été prise. Le nom officiel sera composé d'anglais et de luxembourgeois: les *Guttland.Trails*. Chaque sentier aura son propre nom luxembourgeois, comme le sentier *Siwe Brécke-Wee* à Reimberg.

**3 sentiers marquent le départ:**

- **Siwe Brécke-Wee** à Reimberg, dans la région LEADER Atert/Wark
- **Mamerleeën** à Mersch, dans la région LEADER Lëtzebuerg West
- **Fuussepad** à Steinsel, dans une commune membre de l'office du tourisme.

L'objectif de ce projet LEADER est de faire certifier 5 à 10 sentiers d'ici début 2023.




## Qualitéit a Sécherheet op de Wanderweeër

Net all Wee erfëllt déi héisch Usprech vun sou enger Zertifikatioun, mee sinn dofir net manner schéin. Aus deem Grond huet den Tourismusverband zesumme mat lokalen Acteure Mindestcritèrë fir Wanderweeër opgestallt, wou Thema Sécherheet en essentielle Punkt duerstellt. Sinn dës Mindestcritèren erfëllt kann deemno de Wanderwee de Numm *Guttland.Trail* kréien, och ouni Zertifikatioun.

## Wanderschong strécken a lass geet et

Déi éischt dräi Wanderweeër sollen am Laf vum Joer 2022 ëmgesat ginn. Aktuell kënnt dir den *Siwe-Brécke-Wee* zu Rëmmerech an de *Fuussepad* zu Steesel schonn testen.

Fir ëmmer um leschte Stand vun der Entwécklung vun dëse Weeër ze si kënnt Dir Iech op der Facebook Säit facebook/Guttland.Trails ëmmer déi lescht Informatioune siche goen.




## Qualité et sécurité sur les sentiers

Tous les sentiers ne répondent pas aux exigences strictes de la certification, mais n'en sont pas moins beaux. Pour cette raison, l'office du tourisme, en collaboration avec les acteurs locaux, a établi des critères minimaux pour les sentiers de randonnée, qui mettent l'accent sur la sécurité. Si ces critères minimaux sont remplis, le sentier de randonnée peut être nommé *Guttland.Trail*, même sans certification.

## Chaussez les bottes de randonnée et c'est parti

Les trois premiers sentiers de randonnée seront mis en place au cours de l'année 2022. De nos jours, vous pouvez déjà tester les sentiers *Siwe Brécke-Wee* à Reimberg et *Fuussepad* à Steinsel.

Pour être toujours au courant de l'évolution des sentiers, vous pouvez consulter les informations actuelles sur la page Facebook facebook/Guttland.Trails.

Weider Informatioune fannt dir op
Plus d'informations sur **www.guttlandtrails.lu**

Oder op eiser Facebooksäit
Ou sur notre page Facebook **Facebook/Guttland.Trails**

**Ce projet interrégional a été cofinancé d'un taux max. de 74%:**
**Budget total:** 249.583.9 €



## Landtourismus

### Ländlechen Tourismus entwéckelen

D'Zil vum interregionale Projet vun de véier Regionalen Touristebüroen (Regioun Musel, Regioun Mëllerdall, Guttland an Éislek) an Zesummenaarbecht mat anere Secteursverbänn wéi APTR asbl, Les Auberges de Jeunesse Luxembourgeoises a.s.b.l. & Camprilux, ass d'Férderung vum ländlechen Tourismus. Et gëtt eng Demande an dësem Beräich an d'Potenzial ass do, elo musse mir déi richteg Weeër entwéckele fir et weider ze férderen. De Projet ëmfaasst folgend Mesuren:

- Etude iwwert d'wirtschaftlech Kraaft an d'Entwécklungspotenzial vum ländlechen Tourismus zu Lëtzebuerg
- Ënnerstëtzung fir Innovatioun fir ländlech Tourismus Acteuren
- Workshops fir Associatiounen déi am ländlechen Tourismus täteg sinn
- Austausch vun Erfarunge mat ausländnesche Regiounen
- Entwécklung vun enger Toolbox fir jonk Firmen an engem standardiséierte Begréissungsdossier fir all ländlechen Tourismusacteur

## Développer le tourisme rural

L'objectif du projet interrégional des quatre Offices Régionaux du Tourisme, Région Moselle, Région Mullerthal, Guttland et Éislek en coopération avec d'autres associations sectorielles comme l'APTR asbl, Les Auberges de Jeunesse Luxembourgeoises a.s.b.l. et Camprilux, est de promouvoir le tourisme rural. Il existe une demande dans ce domaine et le potentiel est là, maintenant il faut élaborer les bonnes pistes pour le promouvoir davantage. Le projet comprend les mesures suivantes:

- Etude sur le pouvoir économique et le potentiel de développement du tourisme rural au Luxembourg
- Accompagnement de l'innovation pour les acteurs du tourisme rural
- Ateliers pour les associations actifs dans le tourisme rural
- Echange d'expériences avec des régions étrangères
- Mise au point d'une boîte à outils pour les jeunes entreprises et d'un dossier d'accueil standardisé pour toutes les entreprises de tourisme rural existantes

**Contact:**
Patricia Mitchell
T: 26747874-42
E: p.mitchell@visitmoselle.lu

## Mellt Iech fir eis Newsletter un!
## Abonnez-vous à notre Newsletter!

**www.letzebuergwest.lu**
**E: lw@leader.lu**

News-letter

## Archives Régionales Numérisées

Loosst är historesch a kulturell Dokumenter, déi vu lokalem a regionalem Interessi sinn gratis digitaliséieren a schützen, an ënnerstëtz dobaï eng Beschäftegungsmossnahm vun der Associatioun Autisme Luxembourg! Digitalisez et sécurisez gratuitement vos documents historiques et culturels d'intérêt local et régional et soutenez la mesure d'occupation de l'association Autisme Luxembourg!

Zousätzlech Informatioune fannt der op / Veuillez trouver des informations supplémentaires sur: **www.arnu.lu**

**Contact:**
LEADER bureau Lëtzebuerg West
T: 26 61 06 80
E: lw@leader.lu




## Virbereedung LEADER-Period 2023-2029

De 14. an 21. Mäerz hunn eis thematesch Atelieren zu Biereng an der *Hal Irbicht* stattfonnt, déi am Kader vun eiser Kandidatur fir den europäesche LEADER Programm 2023-2029 organiséiert goufen.

Vill verschidden Acteuren aus der Regioun hunn de Wee op Biereng fonnt fir zesummen d'Zukunft fir eis Regioun ze plangen. Den Austausch tëschent den Acteuren huet erméiglecht flott Projetsiddien z'initéieren.

### Wéi geet et weider?

- **Abrëll/Mee 2022:** Ausschaffe vun der LEADER-Strategie 2023-2029 op Basis vun de Resultater vun den Atelieren & Projetsiddien
- **Juni/Juli 2022:** Presentatioun vun de Resultater & der Strategie
- **Juli:** Depot vun der Kandidatur
- **Enn 2022:** Auswahl vun de Kandidaturen vun der EU an dem Ministère fir Landwirtschaft, Wäibau an ländlech Entwécklung
- **Ufank 2023:** Grënnung vun der neier LEADER Regioun


## Préparation période LEADER 2023-2029

Nos ateliers thématiques, organisés dans le cadre de notre candidature au programme européen LEADER 2023-2029, ont eu lieule 14 et 21 mars à Beringen dans le *Hall Irbicht*.

De nombreux acteurs de la région se sont rendus à Beringen pour planifier ensemble l'avenir de notre région. Les échanges entre les acteurs ont permis d'initier de belles idées de projets.

### Quelle est la suite?

- **Avril/mai 2022:** élaboration de la stratégie LEADER 2023-2029 sur la base des résultats des ateliers et des idées de projets
- **Juin/juillet 2022:** présentation des résultats & stratégie
- **Juillet:** dépôt de candidature
- **Fin 2022:** sélection des candidatures par l'UE et le ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural
- **Début 2023:** création de la nouvelle région LEADER




## # 30 Joer LEADER
### Videoen iwwert Projeten

## # 30 ans LEADER
### Vidéos sur les projets

Am Kader vun 30 Joer LEADER goufen Videoen zu Projeten aus de 5 lëtzebuergeschen LEADER Regiounen gedréint. Um Youtube Kanal vum Landwirtschaftministère kënnt der iech déi Videoen ukucken.

Dans le cadre des 30 ans de LEADER, des vidéos ont été réalisées sur des projets des 5 régions LEADER luxembourgeoises. Vous pouvez regarder les vidéos sur la chaîne *Youtube* du Ministère de l'Agriculture.



**LEADER**
**Lëtzebuerg West**

**Garnich**
**Habscht (partie Septfontaines)**
**Helperknapp**
**Koerich**
**Mamer**
**Mersch**
**Steinfort**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

MIXTE
Papier Issu de sources responsables
FSC® C103749
FSC www.fsc.org

Europäischer Landwirtschaftsfonds für die Entwicklung
des ländlichen Raumes: Hier investiert Europa in die ländlichen Gebiete

